

# REGISTRE AUX DELIBERATIONS DU CONSEIL COMMUNAL REUNION DU 22 NOVEMBRE 2017

**Date de la convocation: 16/11/2017**

**Date de l'annonce publique: 16/11/2017**

<b>Présents</b>	<b>Gilles Roth, bourgmestre et président Roger Negri et Marcel Schmit, échevins Jean Beissel, Edmée Besch-Glangé, Sven Bindels, Ed Buchette, Luc Feller, Tom Kerschenmeyer, Romain Rosenfeld, Adèle Schaaf-Haas, Roland Trausch et Jemp Weydert, conseillers Nico Bontemps, secrétaire communal</b>
<b>Absent(s)</b>	
<b>Vote public</b>	<b>Tom Kerschenmeyer</b>

## Ordre du jour

1. Formation du tableau de préséance des membres du conseil communal (article 11 de la loi communale).
2. Présentation du programme d'activités du collège des bourgmestre et échevins (Schöffenratserklärung).
3. Loi modifiée du 19/07/2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain :
  - a-1) décision de ne pas réaliser une évaluation environnementale dans le cadre d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer sur des terrains situés au lieu-dit « Domaine Beaulieu » à Capellen conformément à la loi du 22/05/2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement;
  - a-2) saisine du conseil communal d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer sur des terrains situés au lieu-dit « Domaine Beaulieu » à Capellen (article 10 de la loi);
  - b-1) décision de ne pas réaliser une évaluation environnementale dans le cadre d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer sur des terrains situés au lieu-dit «ënneschte Kuelestaf» à Mamer conformément à la loi du 22/05/2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement;
  - b-2) saisine du conseil communal d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer sur des terrains situés au lieu-dit «ënneschte Kuelestaf» à Mamer (article 10 de la loi) ;
  - c-1) adoption d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) pour des terrains situés route d'Arlon à Capellen (article 14 de la loi);
  - c-2) adoption d'un projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» portant sur des fonds sis à Capellen, au lieu-dit «rue de la Montée», présenté par le bureau CO3 s.à.r.l. pour le compte de la société Vitum s.a. et décision quant à une indemnité compensatoire à exiger du propriétaire pour la surface inférieure au quart de la surface totale (articles 30 et 34 de la loi);
  - d) approbation d'une modification ponctuelle de la partie graphique du plan d'aménagement particulier « quartier existant » (PAP-QE), concernant les zones de bâtiments et d'équipements publics - BEP, au lieu-dit « Parc Brill » à Mamer (article 30 de la loi);
  - e) approbation d'une modification ponctuelle de la partie écrite du plan d'aménagement particulier «quartier existant» PAP-QE, ayant trait à la station d'épuration et aux morgues (article 30 de la loi);
  - f) lotissement d'une parcelle sise à Mamer, section B de Mamer-Sud, numéro cadastral 94/6028 en huit lots (article 29 de la loi).
4. Décision sur l'exercice d'un droit de préemption sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section A de Mamer-Nord sous le numéro 598/4811.
5. Circulation :
  - a) confirmation d'un règlement de circulation temporaire d'une validité supérieure à 72 heures dans la rue Josy Barthel à Mamer ;

- b) confirmation d'un règlement de circulation temporaire d'une validité supérieure à 72 heures dans la route de Mamer à Holzem ;
6. Classes de neige 2018 à Morzine (F):
    - a) fixation de la participation des parents à 350€ par enfant;
    - b) fixation de l'indemnité du personnel enseignant à 18,00€ par journée de séjour.
  7. Fixation des nuits blanches d'office pour 2018.
  8. Choix d'un projet national et d'un projet international de coopération et d'aide au développement à subsidier par la commune en 2018.
  9. Approbation du budget rectifié 2017 et du budget initial 2018 de l'Office social commun à Mamer.
  10. Informations, divers et questions émanant des conseillers communaux.

<b>Point de l'ordre du jour 1</b>	<b>Formation du tableau de préséance des membres du conseil communal (article 11 de la loi communale)</b>
---------------------------------------	---

Le conseil communal, unanimement

arrête le tableau de préséance comme suit :

Nom et prénom	Date	nombre de suffrages
Roth Gilles	12/01/1994	522/1993
Schmit Marcel	10/10/1999	876/1999
Negri Roger	10/10/1999	815/1999
Weydert Jean-Paul dit JemP	10/10/1999	527/1999
Trausch Roland	07/02/2002	653/1999
Feller Luc	09/10/2005	1224/2005
Beissel Jean	09/10/2005	1051/2005
Besch-Glangé Edmée	09/10/2005	926/2005
Rosenfeld Romain	04/01/2008	550/2005
Buchette Ed	10/01/2014	1071/2011
Kerschenmeyer Tom	08/10/2017	1307/2017
Schaaf-Haas Adèle	08/10/2017	1246/2017
Bindels Sven	08/10/2017	744/2017

<b>Point de l'ordre du jour 2</b>	<b>Présentation du programme d'activités du collège des bourgmestre et échevins (Schöfferratserklärung)</b>
---------------------------------------	---

Mamer huet den 8ten Oktober 2017 gewielt! D'Resultat ass bei eis an der Gemeng kloer. Mat 41,4 % vun de Wielerstëmme a 6 Sätz ass d'CSV op engem héijen Niveau als stäerkste Partei an der Gemeng confirméiert ginn. Déi Gréng bleiwe bei 3 Sätz mat 26,2%. D'LSAP behält 3 Sätz a kënnt op 20,6%. D'DP kritt 1 Sätz mat 11,8% vun de Stëmme.

Un der Sätzverdeelung huet sech deemno am Verglach zu de Wahle vun 2011 näischt geännert! Keng vun den Oppositionsparteie krut ee Sätz bäi. Keng vun de Majoritéitsparteien huet ee Sätz verluer.

De Buergermeeschter Gilles Roth (2.651 Stëmme), den 1te Schäfte Roger Negri (2.191 Stëmme) den 2te Schäfte Luc Feller (2.182 Stëmme) krute mat Oofstand déi meeschten Einzelstëmme.

Och an där Reiefolleg huet sech par Rapport zu 2011 näischt geännert.

De Wieler wollt deemno Kontinuitéit.

Et war dofir normal, dass sech um Wahlowend d'CSV als sätzméisseg stäerkste Fraktioun mat der LSAP- déi weiderhin 3 Sätz huet- eens goufe fir d'Koalitioun an der Gemeng Mamer weider ze féieren. Dës Koalitioun huet mat insgesamt 9 vun 13 Sätz eng incontestabel demokratesch Legitimitéit.

Dat korrekt a vertrauensvollt Aarbechtsklima am Schäfferot iwwert déi leschten 18 Joer huet dës Decisioun vereinfacht. An engem Schäfferot muss och d'Chimie tëschent de Leit funktionéieren.

Inhaltlech stoung CSV an LSAP zesumme fir den Bilan vun de leschten 18 Joer. Programmatesch gëtt et tëschent de Wahlprogrammer keng fundamental Divergenzen.

Opgrund vum Wahlresultat wieren aner Koalitioune sécher arithmetesch méiglech gewiescht.

Eng Koalitioun CSV/ Déi Gréng mat 9 Sätz, eng Koalitioun CSV/ DP mat 7 Sätz an eng Koalitioun Déi Gréng/ LSAP/ DP mat 7 Sätz.

Ee Wiessel vun enger Koalitioun ausschliesslech mat Plus/Minus Rechnungen am Prozentberäich ze legitiméieren, entsprécht awer net dem Sënn vun eisem Proporzwahlsystem. Wahlgewënner ass an engem Proporzsystem nach ëmmer déi sätzméisseg stäerkste Fraktioun.

Wéi d'Wuert Proporz et iwwregens seet, dréckt d'Kräfteverhältnis an engem Gemengerot- grad ewéi an der Chamber- sech eleng mat der Unzuel vun de Mandater aus!

De Wieler huet den 8ten Oktober 2017 an der Gemeng Mamer insgesamt vill méi Lëschtstëmme ofginn. Duerch d'Bänk goufen déi fréier Membere vum Gemengerot vum Wieler trotzdem gestärkt.

2 Membere vum fréiere Gemengerot hu net méi kandidéiert. Den Här Jean-Marie Kerschenmeyer, hie war vun 2005 bis 2017 onënnerbrach 12 Joer laang Gemengeconseiller vun der CSV. D' Madame Nancy Brosius war vun 2011 bis 2017 Gemengeconseiller fir Déi Gréng.

Hinnen zwee Merci fir hir konstruktiv Aarbecht am Interessi vun eiser Gemeng an hire Bierger.

Mam Tom Kerschenmeyer ( CSV ) , der Adèle Schaaf-Haas ( Déi Gréng ) an dem Sven Bindels ( DP ) kritt eise Gemengerot 3 nei Gesichter. Si dräi hunn de Sprong an de Conseil direkt beim éischten Ulaf gepackt. Dofir eis Felicitatiounen.

Den Tom Kerschenmeyer ass mat 28 Joer elo dee Jéngste vun eis.

Vun 22 Kandidatinnen déi bei de Wahlen ugetruede waren, sinn der 2 direkt gewielt.

Mee 3 weider Frae stinn op 3 verschidde Lëschten als jeeeweils éischt Suppleanten an de Startbléck.

Iwwerhaupt wollt jidderee vun deenen 52 Kandidate säi Bescht am Déngscht vun eiser Gemeng ginn. Si hu Courage bewisen, sech dem Wieler ze stellen. Si stoung fir politesch Iddien. Si wollte jiddereen op seng Manéier eis Gemeng viru bréngen. Dat verdéngt Unerkennung. Et wier wünschenswäert wann eis Gemeng sech op hier Experienz an hir Virstellungen an den berodende Gemengekommissiounen kënnt stäipen.

D'Majoritéitsparteien an hier Verrieder müssen déi Responsabilitéit, déi si vum Wieler opgedroe kruten, iwwerhuelen. Si sollen an wäerten dat mat der néideger Bescheidenheet maachen. Et ass hier Pflicht, d'Gemeng am Interessi vun der Allgemengheet an de nächste Jore weider ze féieren, dëst zum Wuel vun alle Bierger, déi an eiser Gemeng wunnen.

Ech géing mir wënschen, dass all Conseillere hir Aarbecht an hir Kontrollfunktioon als ee konstruktive Beitrag zur Ausriichtung vun der Gemengepolitik verstinn. De Schäfferot ass jiddefalls gewëllt, dem ganze Gemengerot eng loyal a konstruktiv Zesummenaarbecht unzebidden.

Mäin Appell geet an dësem Sënn un de ganze Gemengerot, dass an der politescher Ausernanersetzung de Ball an net de Mann gespillt gëtt! An der Wahlcampagne haten d'Parteien dat méi oder manner fäerdeg bruecht. Eenzel aner Persoune leider net!

Mir sollten allen Dräizéng an dëser Mandatsperiod trotz alle politeschen Divergenzen, een fairen an respektvollen Ëmgank mam politesche Konkurrent hunn. Jiddwer Partei an jiddwereen Eenzelen dréit do seng eege Responsabilitéit!

De neie Schäfferot setzt sech folgendermoossen zesummen: De Buergermeeschterpostë kënnt der CSV während 6 Joer zou a gëtt vu mir ( Gilles Roth ) besat. De Buergermeeschter ass Chef vun der Verwaltung. Niewent deenen domat verbundene gesetzlechen Aufgaben ass de Buergermeeschter zoustänneg fir d'Baugeneemegungen, d'Finanzen an de Budget, d'ëffentlech Uerdnung, Soziales an d'Relatiounen mat dem Office social an dem CIPA.

De Poste vum éischte Schäffe kënnt der LSAP während 6 Joer zou a gëtt vum Roger Negri (LSAP) besat. Hien ass och weiderhin zoustänneg fir d'Infrastrukturen, d'Mobilitéit, d'Ëmwelt, d'Landwirtschaft an d'Kläranlag.

De Poste vum zweete Schäfte kënn der CSV während 6 Joer zou an gëtt vum Marcel Schmit (CSV) besat. Hien ass zoustänneg fir d'Schoul, de Sport an d'Kultur, d'Relatiounen mat der Maison Relais an dem Jugendhaus, de Kultus an déi protokollaresch Aufgaben.

Soziale Wunnéngsbau an d'Schafe vu neiem Wunnraum bleift eng gemeinsam Kompetenz vun dem ganze Schäfferot.

De Luc Feller hätt opgrond vun dem drëttbeschte Wahlresultat vun allen Kandidaten an dobäi zweet gewielten op der CSV Lëscht Legitimitéit gehat fir weiderhi Schäfte ze bleiwen. De Wieler huet dem Luc Feller seng Aarbecht honoréiert. De Luc Feller verzicht awer zu dësem Zäitpunkt aus berufleche Grënnbedéngt duerch nei Aufgaben a senger aktueller Funktioun als Haut-Commissaire à la Protection nationale dorops fir ee Posten am Schäfferot unzehuelen. Hie bleift selbstverständlech Member vum Gemengerot, an erfëllt domat dat Mandat wat hie vum Wieler uvertraut krut.

Dir Dammen an Dir Hären,

Grundlag fir den Koalitionsaccord tëschent der CSV an der LSAP sinn déi bis well realiséiert Aarbechten, grad wéi d'Walprogrammer vun deenen 2 Parteien.

De Schäfferotsprogramm, dee sech dorausser ergëtt, ass e Programm vun der Kontinuitéit vum deem, wat déi leschte 6 Joer- jo esouguer mëttlerweil 18 Joer- geleescht gouf. Et ass e Programm vun dem finanziell Machbaren. E Programm, deen de legitimen Uspréich vun de Bierger aus enger opstrewender Wunnengemeng soll Rechnung droen.

#### **I. Fir eng Verwaltung am Déngscht vum Bierger**

De Kontakt tëschent dem Bierger an der Verwaltung soll méi direkt an interaktiv ginn. Mir wëllen d'Gemeng de Leit méi no bréngen.

Duerfir wäerten d'Öffnungszäite vum Populationsbüro erweidert ginn. De Buergermeeschter respektiv de Schäfferot hunn eemol de Mount, Samschdes Moies Sprichstonn ouni Rendez-vous. Quartiersvisten ginn zweemol d'Joër gemaach.

De Kontakt mam Schäfferot soll och iwwert Skype méiglech sinn.

De Bierger soll de Bearbeitungsprozess vu senger Bauoptråg kënnen online novollzéien.

Mësstänn am öffentleche Raum ( z.B. ee Lach am Trottoir, eng ongeschnidden Heck) sollen der Verwaltung iwwert eng informatesch Applikatioun ( z.B. „fix my street“) kënnen direkt an onkomplizéiert matgedeelt ginn.

D'Kommunikatioun vun der Gemeng gëtt ausgebaut a professionaliséiert. Dobäi soll och verstärkt op sozial Medien zréck gegriff ginn. D'Konzept vu Mamer TV gëtt iwwerschaaft.

D'Bierger sollen urgent Noriichten (z.B. Akzidenten, Waasserfuitten, Stroossenaarbechten) iwwert SMS matgedeelt kréien.

Publikatiounen vun der Gemeng sollen an Zukunft dräisproocheg ginn. Den Internetsite gëtt moderniséiert.

Mat engem haaptamtleche Gläichstellungsbeoptragten wäerte mir d'Genderzieler ëmsetzen.

Déi berodend Gemengekommissiounen gi méi aktiv an déi politesch Gestaltung vun der Gemeng mat agebonnen. Mir maachen een Appell un d'Parteien, d'Gemengekommissiounen insgesamt paritär ze besetzen. Déi finanziell Moyenen vun de Kommissiounen ginn no uewen ugepasst.

Et gëtt eng nei Mobilitéitskommissioun geschaf. Haaptaufgab soll et sinn, zesumme mat Schäfferot an engem Verkéiersbureau ee modernt Mobilitéitskonzept auszeschaffen mat verstärktem Akzent op öffentlechen Transport, Mobilitéé douce, Verkéiers-an Parkleitsystem.

D'Nohaltegkeetskommissioun vu bis elo, konzentréiert sech an Zukunft op d'Beräicher Ëmwelt an Energie. Fir d'Zieler vum Klimapakt ëmzesetze stelle mir een haaptamtlechen Ëmweltberoder an.

Mir schafen eng nei Sozialkommissioun där hir Aufgab et e.a. soll sinn, Virschléi fir d'Integratioun vu Flüchtlingen ze maachen.

Fir Streidereien téscht Noperen ze schlichte wëll d'Gemeng op ee professionellen externe Mediationsdëngscht zréckgräifen.

## II. **Fir eng sécher Gemeng**

Mir wëllen eng verstärkte Verkéierssicherheit. Dofir wëlle mir mat Ausnam vun der Arelerstrooss generell Tempo 30km/h bannent den Uertschaften aféieren. Ronderëm d' Schoulgebaier an am Zentrum vun der Uertschaft Mamer solle sougenannte „Shared Space“ Zonë geschaf ginn. Am Zweiwelsfall huet de Foussgänger do Virfaart.

Op all Hauptverkéiersachse komme sougenannte „Radars pédagogiques“ stoen: si weise genau un wéi séier ee fiert. Et solle verstärkt Vitesskontrolle vun der Police duerchgeféiert ginn, inklusiv an de Wunnquartieren.

Mir stellen dem Staat een 72 Ar groussen Terrain op der Arelerstrooss am Ausgang vu Mamer vis-à-vis vum Scoutschalet zur Verfügung fir den Bau vun engem neie regionale Policegebai.

Mir setzen eis an fir eng méi sécher Verkéiergestaltung bei der Autobunnsopfaart téschent Mamer an Cap.

## III. **Fir eng wäitsiichteg Finanzpolitik**

Mir wëllen een Investitiounsniveau vun duerchschnëttlech 15 Milliounen€ pro Joer erreechen. Mir striewen duerfir järerlech een uerdentleche Boni vu 25% vun den uerdentlechen Einnamen un.

Eis Verschuldungslaascht soll ënnert 10% vun den uerdentleche Recetten an ënnert 1/3 vun dem uerdentleche Brutto Iwwerschoss leien.

Mir halen um Verursacher-an Käschendeckungsprinzip bei der Berechnung vun de Gemengentaxe fest.

D'Grundsteuer bleibt am Kontext vun der aktueller nationaler Legislatioun onverännert. Mir préiwen fir d'Gewerbsteuer no ënnen unzepassen.

D'Gemengentaxe sollen an Zukunft all Mount mat monatlechen Acompten kënne bezuelt ginn.

## IV. **Fir eng sozial- an familljegerecht Wunnensbaupolitik**

Eng bezuelbar Wunneng hei am Land ass fir vill jonk Leit mëttlerweil e fromme Wunsch. Et ass een nationale Problem. Fakt ass, et feelen all Joers am Land ronn 2.000 nei Wunnengen. Staat an Gemenge sinn deemno gefuerdert méi Wunnraum ze schaffen.

De Schäfferot stellt sech där Verantwortung. D'Schafe vu sozialem an familljegerechtem Wunnraum ass fir eis eng Prioritéit! D'Gemeng Mamer ass landesplaneresch vun der Regierung am Plan sectoriel Logement als eng sougenannte "Commune prioritaire" ausgewisen.

Eis Gemeng soll laut de Plans sectoriels zousätzlech een CDA (Centre de développement et d'attraction) fir de Wunnéngsbau ginn. Mir huelen déi Erausfuorderung un.

Mir orientéieren eis un dem vun der Regierung gefuerderten Awunnerwuesstum vu ronn 3% pro Joer. Dat entsprécht dem duerchschnëttlechem Wuesstem an eiser Gemeng zanter 2010.

Mamer huet als eng vun de wéinege Proporzgemenge schonn een Bebauungsplang vun der neier Generatioun.

Beim PAG ginn et je no Bedarf just punktuell Upassungen. Global kënnt et zu kenger gréisserer Bauflächenerweiderung bis 2023. Et gëtt prioritär noverdicht. D'Instrumenter vun der Baulandmobiliséierung gi gepréift. Eist aktuell Bautereglement gëtt technesch ugepasst.

Op dem Parking vun der fréierer Jean Marx Schoul am Zentrum zu Mamer wäert d'Gemeng 2018 an Zesummenaarbecht mat der SNHBM 20 eege Sozialwunnéngge bauen. Dës ginn no soziale Kritäre prioritär u Jonker an Elengerzéier verlount.

An dee Gebaikomplex sollen och Geschäftsraum, an een dräisteckegen öffentlechen ënnerirdeschen Parking payant kommen.

Op dem Parking vum Steieramt op der Cap, deen dem Staat gehéiert, versiche mir mam Staat en Accord ze fanne fir och do Sozialwunnengen ze bauen.

Ziel ass et bis 2020, insgesamt 35 gemengeneegen Sozialwunnengen ze schafen, dat wat ronn 1% vun de der Gesamtunzuel vu Logementer an der Gemeng ausmécht.

Amplaz vun dem Regiebetrieb an der Route de Dippach zu Mamer kommen an enger zweeter Phase ronn 20 gemengeneegen Sozialwunnéngen.

De Schäfferot préift parallel - je no Opportunitéit- eidel Wunnengen am Zentrum vun den Uertschaften ze kafen. Si solle renovéiert an duerno verlount ginn. De Schäfferot encouragéiert och d'Propriétaires hir Wunnengen der AIS ze verlounen duerch d'Ausbezuere vun enger Prime an Héicht vun 5% vu Loyer, mat engem maximum vu 500 Euro pro Joer.

Mir setzen eis dofir an, dass d'Lotissement „op Wëltegebond“ vum Fonds de Logement zu Mamer an der Verlängerung vum neie „Quartier Op Bierg 2“ soll 2018 an de Bau goen. Hei entstinn 162 verbëllegt Wunnéngen, déi prioritär u jonk Leit aus eiser Gemeng an Ëmgéigend solle verlount oder verkaf ginn. Dëst Lotissement soll bis 2021 fäerdeg gestallt sinn.

Et gëtt eng staark Nofro fir Seniorewunnéngen. Ee Projet fir betreit Wunnen um Areal vun dem CIPA zu Mamer ass vun der Stéftung HPPA (Homes Pour Personnes Agées)- dem Bedreiwier vun dem Altersheim- an der Ausaarbechtung.

Geplangt sinn do ronn 20 Appartementer zum Verlounen fir Betreit Wunnen. D'Gemeng stellt den Terrain iwwert een sogenannte Bail emphythéotique (Ierfpachtvertrag) zur Verfügung. Dës Wunnéngen misste Mëtt 2020 bezugsfaerdeg sinn.

E weidere Projet fir „Betreit Wunnen“ soll op Privatinitiativ nieft der Entrée vum Kinneksbond op der Arelerstrooss zu Mamer realiséiert ginn. De Schäfferot begleet och dee Projet positiv.

Géint dee vun der Regierung initiéierte POS (Plan d'occupation du sol) Containerduerf fir 300 Flüchtlingen am Tosseberg zu Mamer leeft de Moment ee Recours um Verwaltungsgericht. Sollt dës POS annulléiert ginn, wäert de Schäfferot kenger punktueller Ëmännerung vun dem PAG zoustëmme fir dat Containerduerf ze schafen.

De Schäfferot wëll dogéint dezentral Plaz schafe fir am Kontext vun enger nationaler Quoteregulierung insgesamt 50 Flüchtlingen an eiser Gemeng opzehuelen (aktuell wunnen an eiser Gemeng 21 Flüchtlingen).

#### V. **Fir eng Gemeng vun der doucer Mobilitéit an de kuerze Weeër**

Lëtzebuerg huet een nationale Verkéiersproblem. De Weste vum Land an eis Gemeng bleiwen do leider net verschount.

De Schäfferot wäert sech fir een Ausbau op 2x 3 Spueren vun der Areler Autobunn A6- gemäss dem IVL (Integréiert Verkéiers-an Landesplanungskonzept vun 2004 ) asetzen.

Mir stinn zu Opfangparkingen e.a. zu Sterpenich an „Hunnenschwanz“ (Autobunnsopfahrt Wandhaff/ Garnech).

De Schäfferot wäert sech fir den Ausbau vun dem Tram bis an d' Gemeng Mamer asetzen.

Mir wëllen en Reaménagement vun dem Echangeur (Autobunnsopfahrt) A6/N6 tèschent Mamer an Cap.

Eng direkt Verbindung- mëttels Stechstrooss- vun der Kaercherstrooss op der Cap (Héicht Cité Kurt) un d'Autobunn (Héicht Bauhaus) ass fir eis d'Konditioun fir d'Lotissement vun der SNHBM „ Op Ellmen“ um Gebitt vun der Nopeschgemeng Kielen.

D'Kaercherstrooss op der Cap soll dann zrëckgebaut ginn.

De Rond-point Hierknapp soll am Sënn vun engem bessere Verkéiersfloss duerch d'Cap kuerzfristeg reamenagéiert ginn. Ee Verkéiersbüro ass am Opdrag vun der Gemeng mat der Ausaarbechtung vun deementsprieche Virschléi betraut.

D'Mobilitéit ass och op reng lokalem Plang eng Erausforderung.

Ee reforméiert Verkéierskonzept fir eis Gemeng soll bis Summer 2018 virleien.

Prioritär Virgabe sinn: eng generell Tempo 30km/h Zone bannent den Uertschafte mat Ausnam Arelerstrooss, ee sougenannte „Shared Space“(de Foussgänger huet Virfaart) am Zentrum vun den 3 Uertschaften, eng Optimiséierung vun dem öffentliche Transport mat generell iwwerdeckte Bushaiser an elektronischen Horairetafelen, zousätzleche Parkraum e.a. op de Garë Mamer an Cap, eng Erweiterung vum Parking résidentiel, ee Vélosnetz wat vun all Lotissement an der Gemeng direkt op de Schoulcampus Tossebiërg féiert- z.b. iwwert d'Faulbach, de Mamer Ruffbus dee Samschdes an Sonndes fiert, engem Shuttlebus iwwert de Weekend fir déi Jonk an d'Stad, Elektrovëloen, behënnertegerecht Foussweeër, eng direkt Vélos-an Foussgänger Verbindung vun der Caper Gare respektiv der Cité Kurt un den PAC Mamer/ Cap. Et gëtt eng Etude gemaach fir eng Vélos-a Foussgängerfrëndlech Weeër tëschent Mamer-Holzem an Holzem-Cap.

Privatleit gi beim Ukaf vun engem Elektroauto mat 500€ ënnerstëtzt, Vëloer gi weiderhi mat 100€ ënnerstëtzt.

D'Internetplattform vun der Gemeng soll als Relais déngen, fir Fuergemeinschaften op d'Been ze stellen.

## VI. **Fir attraktiv öffentliche Raim**

D'Revalorisatioun vun den Uertschaftszentren gëtt Prioritéit.

Zu Mamer kënn op de Parking vun der fréierer Jean Marx Schoul ee Gebai mat Wunnengen, Geschäfte an ënnerierdesche Parking. D'Kierch an déi fréier Gemeng kréien eng nei Facade. Op d'Place de l'Indépendance komme mobil Pflanzbacken.

D'Rue du Millenaire, d'Rue du Marché laanscht d'Place de l'Indépendance gëtt e „Shared Space“, d.h. de Foussgänger huet Virfaart.

Mëttelfristeg gëtt mat den Anrainer an Propriétaires gekuckt fir den Zougank zum Mamer Schlass iwwert d'Route de Dippach ze féieren.

De Parking Schungeschten am Zentrum vu Mamer gëtt am Kontext vun enger alternativer Verkéiersgestaltung reamenagéiert.

Den Haff vum Mamer Schlass gëtt iwwerdeckt. De Sëtzungssall an den Festsall am Mamer Schlass kréien eng modern Haustechnik.

D'Gemeng iwwerhëlt vun der Harmonie de „Wëlle Bau“ an der Rue du Marché zu Mamer. D'Gebai gëtt zu engem multifunktionellem Festsall ëmgebaut. D'Harmonie Gemeng Mamer kritt een prioritäert Nutzungsrecht.

De Parking bei der Sportshal Nic Frantz gëtt nei gemaach. Um Parking Kinneksbond komme Sanitäranlage fir de Mamer Maart.

Op der Cap soll an Zesummenaarbecht mat Ponts & Chaussées d'Arelerstrooss tëschent der Rue Basse an der Cité Beaulieu „Shared space“ ginn.

De Centre culturel op der Cap gëtt no 30 Joër renovéiert. D'Gebai kritt ee moderne Virdach. De Parc virum Centre culturel gëtt réaménagéiert.

Am Kiem op der Cap kënn laanscht d'Schoulgebai eng Zone „Shared Space“.

De Parc des Sports et des Loisirs op der Cap gëtt urbanisteschesch revaloriséiert. Hei soll zesumme mat engem Landschaftsarchitekt ee flott Erhuelungsgebitt geschaf gi wou Jonk an Al sech gären an hirer Fräizäit ophalen an Energie tanke kënnen.

Zu dësem Erhuelungsgebitt gehéiert eng modern Spillplaz fir déi Kleng, ee multifunktionelle Sportsterrain fir déi Jugendlech a flott Spadséierweeër déi d'Gréngfläch mat der Uertschaft an dem Bësch verbannen. D'Tennishal op der Cap soll an dem Kontext mat engem Pavillon erweidert ginn.

Zu Holzem gëtt d'Kierchenfacade nei gemaach. D'Place de la Résistance gëtt nei gestallt an mat enger Zone „Shared Space“ optesch mat der Kierch verbonne.

D'Haustechnik vum Holzemer Festsall gëtt moderniséiert. Op de Gemengenterrain nieft dem Kierfecht zu Holzem kënn een Stockagehall fir d'Veräiner mat engem Parking. D'Holzemer Schoul an d'Paschtoueschhaus gi renovéiert.

Op de Kierfechter zu Mamer, Cap an Holzem gëtt d'Méiglechkeet vun engem Gemeinschaftsgraf fir Urnebestattungen gepréift. D'Morgue um Mamer Kierfecht soll 2018 faerdeg gestallt sinn.

Déi dräi Kierfechter kréien eng fixe modern Mikrosanlag.

Op der Cap an zu Mamer gëtt fir de Wuess op den neie Kierfechter no Alternative gesicht. Dat selwecht zielt fir de Belag um ale Kierfecht op der Cap.

An de Wunnquartiere ginn d'Gréngfläche progressiv optesch nei gestallt. Dofir gëtt d'Gärtnerséquipe am STC opgestockt.

Een neie Regiebetrib fir d'Gemeng gëtt nieft den CISMA (Pompjeesbau) am Ausgang vu Mamer gebaut.

#### VII. **Fir eng nohalteg an zukunftsorientéiert Energiepolitik**

Den Energiemonitoring vun den öffentleche Gebaier gëtt weider ausgebaut.

Eist Ziel ass eng Reduzéierung vun den CO2 Emissiounen em 15% bis 2020.

De Stromverbrauch soll em 3% bannent den nächsten 3 Joer erof goen. LED-Luuchte solle bei öffentlech Beliichtung Standard ginn.

D'Cogeneratiounsanzlag am Zentrum zu Mamer soll op alternativ Energiequellen ( z.b Holzschnëtt) ëmgerüst ginn.

De Gemeengefuerpark kritt 5 Elektroautoen.

Mir féieren een Energiespuerpräis fir Privatleit, Clibb an Betriber an.

Mir erstellen ee Solarkataster fir den Gemengenterritoire.

#### VIII. **Fir eng gesond Ëmwelt**

De Schutz vum Drénkwaasser genéisst bei eis iewescht Prioritéit.

Mir setzen dofir weiderhin Akzenter fir d'Reduzierung vu Verloschter duerch ondicht Waasserleitungen. D'Waasserséquipe vum Service Technique gëtt verstärkt.

D'Kapazität vum Mamer Waasserbaseng gëtt vergréissert.

D'Qualitéit vum Drénkwaasser-an déi entspriechend Waasseranalysen- ginn integral iwwert den Internetsite vun der Gemeng publik gemaach.

Den Trennsystem fir Reen-a Ofwaasser gëtt weider ausgebaut.

D'Kläranlag gëtt moderniséiert an op 55.000 EWG (Einwohnergleichwerte) vergréissert. Een Avant-Projet fir den Ausbau gouf mam Kläranlagesyndikat SIDERO ausgeschafft. Déi Mamer Kläranlag kritt eng regional Bestëmmung. D'Käschte vum Ausbau ginn zu 65% vum Staat subventionéiert. De Käschtenundeel vun der Gemeng-ronn 15 Milliounen €- gëtt duerch den SIDERO préfinanziert.

D'Lärmschutzeglement vun der Gemeng gëtt iwwerschaaft.

Mir wëllen eng Kartographie vum Elektrosmog an der Loftverschmutzung opstellen.

Mir féieren nieft den staatlechen Analysen, eege kommunal Miessungen duerch.

D'Kooperatioun mam Naturschutzsyndicat SICONA gëtt fir lokal Projeten ausgebaut.

Beim Klimapakt ass eist Ziel fir 2020 de Goldzertifikat ze kréien.

De Service Technique kritt een Ingénieur als Ëmweltberoder deen och de Bierger an Energiefroen zur Säit steet.

#### IX. **Fir optimal Schoulbedingungen an innovativ Léiermethoden**

D'Maison Relais zu Mamer gëtt erweidert. All Kand soll ab dem 3ten Liewensjoer weider eng Plaz an der Maison Relais an am Précoce garantéiert hunn.



Mir leeë Wäert op d'Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch bannent an baussent der Schoul.

Mir wëllen, dass Englesch a Chinesesch als Optioun an der Schoul respektiv iwwert d'Maison Relais ugebueden ginn.

D'Funktionéiere vu Politik, Wirtschaft an Gesellschaft, den Entrepreneursgeesch, d'Ëmwelterzéiung, d'Kreeslafekonomie däerfe fir eis Schüler keng Friemwierder sinn. Mir wëllen dofir zesumme mat den Léierpersounen an externe Fachleit, Pilotprojeten an der Schoul initiéieren.

Zesumme mat dem Ministère kucke mir ee Pilotprojet ze lancéieren a stellen all Kand an der Grondschoul ee Computertablet zur Verfügung.

Den Eveil musical gëtt op den Précoce an den Préscolaire ausgewäit.

Mir bauen de séchere Schoulwee weider aus. Et soll een Kannergemengerot entstoen.

D'Synergïe mat dem Lycée Josy Barthel gi verdéift.

D'Gemeng ënnerstëtzt finanziell an logistesche d'Hausaufgabenhëllef ausserhalb vun den Schoulzäiten.

D'Erwuessenebildung huet an eiser Gemeng hir fest Plaz. D'Offer vu lëtzebuergesch Coursen gëtt weider ausgebaut. Eng Eltereschoul déi Erwuessener soll mat Coursen, Seminären an Konferenzen an Erzéiungsfroen begleeten, gëtt mat externe Partner ugebueden.

Dat alt Spillschoulsgebai an der Rue des Roses zu Mamer soll méttelfristeg duerch een Neibau fir Owescoursen ersat ginn.

Mir maachen eis staark fir de Bau vun enger Schoul vun der 2ter Chance op dem Territoire vun der Gemeng.

#### **X. Fir een aktiivt Veräinsliewen –Kultur, Sport an sozialt Engagement verbannen**

Mir bauen am Kinnéksbond zu Mamer nieft dem Centre culturel een neit Gebai fir d'Museksschoul, mat Klasseräim an engem klengen Concertsall.

Den Agangsberäich, d'Sanitäreanlagen an d'Tribune am Hall sportif Nic Frantz zu Mamer gi moderniséiert.

Mir iwwerpräiwen d'Méiglechkeet an den Schoulsportshalen op der Cap an um Kinneksbond zu Mamer eng mobil Zuschauertribune ze integréieren.

De Scoutschalet zu Mamer gëtt komplett renovéiert.

Den Zougang zu de Sportsfelder am Sportkomplex François Trausch zu Mamer soll an den Owesstonnen duerch een Sécherheetsdénkscht iwwerwaach ginn.

Am Dezember funktionéiert am Haff vum Mamer Schlass eng Äispist mat engem Animatiounsprogramm.

D'Gemeng stellt de Veräiner ab Summer 2018 ee mobile Gedrénksstand zur Verfügung.

D'Aktivitéite vun de Veräiner sollen iwwert eng global Assurance vun der Gemeng aus verséichert ginn.

D'Veräiner kréien een informatesche Programm zur Verfügung gestallt fir hir administrativ Aarbechten ze vereinfachen.

